# MENG GEMENG

pétange
MOTIVATION COMMUNE an Du

LE MAGAZINE DE LA COMMUNE DE PÉTANGE

ABRËLL - MEE 2025




## DÉI PÉITENGER KAVALKAD *e flotten Ofschloss vun der Fueszäit*



(Fotoe vun der Kavalkad 2024)







**Edito** 3

*La belle saison approche | Déi schéi Saison steet virun der Dier*

**De Kulturzenter kritt eng nei Nues!** 4

*Ganz uewen am Blobierg zu Rodange steet zënter 1978 de Kulturzenter, dee schonn esou munch Manifestatioun am Laf vun de leschte 47 Joer gesinn huet. Mee d'Haus, fréier e Spidol, e Weesenheem an esouguer eng Jugendherberg, ass an d'Jore komm ...*

**E schwéiere Wee an d'Exil** 6

*Den **9. Mee 1940**, nodeems si gewarnt goufen, hunn sech 3 Kanner vun der Groussherzogin Charlotte – d'Prinzessinnen Elisabeth, Marie-Adeaïde an de Prënz Charles -, déi zu Bréissel an d'Schoul goungen an um **Schlass Ter Ham zu Steenokkerzeel** (B) waren, op de Wee gemaach ...*

**Quelques gestes simples pour réduire vos coûts d'électricité** 8

*Début 2025, une nouvelle structure tarifaire de l'électricité est entrée en vigueur. L'objectif est de contribuer au développement d'un réseau électrique moderne et sûr, adapté à la digitalisation et à la transition énergétique. En évitant les usages simultanés de gros consommateurs d'électricité, on pourrait...*

**AGENDA** 9

**Buergbrennen an der Péitenger Gemeng** 18

**Wat war lass?** 21

**Mir gratuléieren** 30

**D'Gemeng informéiert** 30

*Nuit du sport 2025*

*A une bonne cohabitation !*

*Wéi gutt kennt Dir Är Gemeng?*

*Vakanzaktioun, en neit Konzept!*

*Candidatures pour l'« Équipe Pacte Nature »*

**Recette du mois** 33

*Restaurant Au Gourmet*

**Leichte Sprache - Der Tele-Alarm** 34

**Fábrica del Ritmo** 36

# IMPRESSUM

**Éditeur :**

Administration communale de Pétange
B.P. 1 • L-4701 Pétange
Tél. : 50 12 51-1000
Fax : 50 12 51-2000
www.petange.lu
commune@petange.lu

**Comité de rédaction :**

Service Culture et Communications

**Photos et illustrations :**

Service Culture et Communications, Laurent Blum, Claude Piscitelli, Louis Spautz, Harmonie Municipale Rodange & Lamadelaine, Alleva Enzio Architectes, istockphoto

**Mise en page & impression :**

Imprimerie Heintz, Pétange

PRINTED IN LUXEMBOURG

„Meng Gemeng",
imprimé sur du papier 100% recyclé, paraît 6 fois par an.

La revue est distribuée gratuitement à tous les ménages de la commune de Pétange.

**Édition :**

Avril - Mai 2025

ISSN 1993-0070

# La belle saison approche

Eh oui, il semble bien que nous ayons laissé derrière nous les jours les plus froids et avec l'été qui n'est pas loin, les gens semblent s'aventurer de nouveau dans les jardins, sur les terrasses des cafés et restaurants. Avec le beau temps, l'heure est également venue pour entamer des travaux chez soi. Que ce soit à l'extérieur ou à l'intérieur, tout le monde semble avoir du pain sur la planche.

Bien que cet affairement soit un signe positif, il faut quand même penser au voisinage qui, peut-être, désire le calme, la quiétude. Alors, soyez courtois, parlez à vos voisins et respectez les heures de repos clairement définies dans le règlement de police. C'est un geste de politesse, d'estime envers ses concitoyens que tout et chacun devrait connaître.

Alors faisons tous un pas vers les autres et réjouissons-nous ensemble des beaux jours à venir. La belle saison sera beaucoup plus agréable avec de bons amis !

# Déi schéi Saison steet virun der Dier

Et gesäit jo den Ament esou aus, ewéi wa mir déi méi kal Deeg hannerun eis hunn a mam Summer, deen och net méi wäit ewech ass, woen d'Leit sech nees eraus an hir Gäert an och op d'Terrasse vun de Caféen a Restauranten. Mam schéine Wieder kënnt awer och nees d'Zäit fir e bëssen ze wierkelen an den eegene véier Wänn. Sief dat bannen oder baussen, jidderee schéngt nawell esou munches vir ze hunn.

Och wann dës Geschäftegkeet e gutt Zeechen ass, esou soll een awer dobäi un d'Noperschaft denken, well do deen een oder aneren seng Rou brauch. Dofir sidd w.e.g. héiflech, schwätzt mat Ären Noperen a respektéiert d'Rouzäiten, déi am Polizeireglement festgehale sinn. Dat ass en Zeeche vu Wäertschätzung, vun Héiflechkeet géintiwwer vun de Matbierger, dat eigentlech jidderee misst kennen.

Loosst eis openaner zougoen an eis mateneen op déi waarm Deeg, déi elo kommen, freeën, well de Summer ass vill méi flott mat gudde Frënn.

*De Schäfferot*





# De Kulturzenter kritt eng nei Nues!

Ganz uewen am Blobierg zu Rodange steet zënter 1978 de Kulturzenter, dee schonn esou munch Manifestatioun am Laf vun de leschte 47 Joer gesinn huet. Mee d'Haus, fréier e Spidol, e Weesenheem an esouguer eng Jugendherberg, ass an d'Jore komm an elo steet eng Renovatioun an eng „mise en conformité" un, déi et an sech huet.

Uschléissend un d'Sanéierung wäert d'Isolatioun vum Daach esouwéi déi vun der ganzer Fassad – inklusiv Dieren a Fënsteren – fir eng besser energetesch Bilanz op den neiste Stand bruecht ginn.



Duerch Kloterplanzen op verschidden Deeler vun der Fassade a Buedemplanze kritt dat Ganzt eng méi natierlech Dimensioun. Eng Begréngung ass och fir déi platt Diech virgesinn. Wéinst dem Gefäll vum Daach – hei gëtt déi ursprénglech Form bäibehalen – kritt de groussen Daach keng Begréngung, gëtt awer esou isoléiert, datt et energetesch optimal wäert sinn.

Duerch d'Verleeën no bausse vun den Trapenhaiser gouf net nëmmen d'Zirkulatioun an d'Opdeelung vun de Raim am Gebai verbessert, och den Zougang fir Mënsche mat enger ageschränkter Mobilitéit gouf domat optimiséiert. En neien Trapen- a Liftubau mat virgelagerter Entrée erméiglecht d'Erreeche vun alle Stäck am Gebai iwwerdeems dat iewescht Trapenhaus an der rue Nic. Biever just bis an den 2. Sous-sol a bis op de Rez-de-Chaussée féiert. A propos Zougänglechkeet: och déi sämtlech Sanitärinstallatioune ginn erneiert, esou datt jiddereen och hei genuch Plaz huet fir sech ze beweegen.

D'Entrée iwwer de Blobierg era féiert no der Renovatioun an ee grousse Raum mat dem Empfang an enger Bar, wou Holzelementer dominéieren. Zum grousse Festsall hi soll alles op gelooss ginn. Wat hei ageplangt ass, dat ass eng speziell Riddo, déi bei



engem Feier automatesch zougeet. Dëst ass en Deel vun de Brandschutzbestëmmungen, déi am ganze Bau optimiséiert ginn.

### Wéi gesäit d'Opdeelung aus?

**Am 2. Sous-sol:** Raim fir d'Technik, Zougang zu den Trapenhaiser, Stockage.
**Am 1. Sous-sol:** Raimlechkeete fir Lokalveräiner, Stockage, Openthaltsraum fir d'Leit, déi hei schaffen, Zougang fir de Cercle Dramatique mat direktem Zougang zur Bühn.
**Um Rez-de-Chaussée:** Empfangshal mat Plaz fir eng Garderobe, eng Bar mat Sëtzgeleeënheeten esouwéi de grousse Festsall mat der Bühn, déi och erneiert gëtt.
**Um 1. Stack:** Méizwecksall, Raum fir de Gesang, Lokal fir d'Botzmaterial, Stockage.
**Um Späicher:** Plaz fir d'Technik.

2026 sollen d'Aarbechten dann offiziell ugoen. De Gesamtkäschtepunkt fir dëse flotte Projet am Zentrum vu Rodange läit bei ronn 10 Milliounen Euro.



# E schwéiere Wee an d'Exil



Den **9. Mee 1940**, nodeems si gewarnt goufen, hunn sech 3 Kanner vun der Groussherzogin Charlotte – d'Prinzessinnen Elisabeth, Marie-Adeaïde an de Prënz Charles -, déi zu Bréissel an d'Schoul gougen an um **Schlass Ter Ham zu Steenokkerzeel** (B) waren - si waren hei bei der Schwëster vum Prënz Felix, der fréierer Kaiserin Zita vun Éisträich - op de Wee gemaach fir op Celle-Saint-Cloud bei Paräis ze fueren. Si waren a Begleedung vum Gendarmeriebrigadier Eugène Niclou-Wagner.




Den **10. Mee 1940**, nuets um 1 Auer, fueren déi aner 6 Membere vun der Famill an de Palais an d'Stad, wou eng Entrevue mat de Ministeren Dupong a Bech stattfonnt huet. 2 Stonne méi spéit fiert de **schwaarze Buick** mam Lieutnant Guillaume Konsbrück, dem Prënz Jean (de spéidere Groussherzog) an de Prinzessinne Marie-Gabrielle an Alix aus der Stad a Richtung franséisch Grenz, iwwer déi si spéiderhin zu Esch a Richtung Däitsch-Oth (Audun-le-Tiche) fueren. Duerno geet et weider bis op Aumetz.

D'Groussherzogin huet nach Neiegkeete vun hire Kanner, déi mam Lieutnant Konsbruck ënnerwee waren, ofgewaart. Awer si krut keng weider Noriichten, an eréischt méi spéit am Dag wousst si, wat mat hinne lass wier a wou si schlussendlech ukomm wieren.



Nodeems déi éischt däitsch Zaldoten – e „Spähtrupp" – zu Rodange gesi goufen, hunn d'Groussherzogin an hir Begleeder sech an **dat fréiert Douaneshaus** zeréckgezunn. Dat misst dunn no 5 Auer moies gewiescht sinn.

**Op franséischer Säit** huet de Colonel Joseph Doudot no all dësen Evenementer schrëftlech an engem Bréif erkläert, datt hien den Uerder krut, verschidden Hindernisser op der Grenz fir eng kuerz Zäit ze réckele fir datt d'Groussherzogin duerchfuere kann.




D'Groussherzogin Charlotte an de Prënz Felix, zesumme mat der Mamm vun der Grousszerhogin verloossen no 3 Auer moies de Palais mat weidere Begleeder – ë.a. dem Chauffeur an dem Brigadier Baulesch vum Sécherheetsdéngscht. Si fueren an 3 verschiddenen Autoen a **Richtung franséisch Grenz**.

Et ass **onwarscheinlech**, datt si all op Lasauvage gefuer si fir an dem Charles Libotte (Schmelzdirekter zu Rodange) sengem Haus ofzewaarden, wat sollt geschéien. Villméi dierften si direkt op Rodange gefuer sinn.



Am deemolege **klenge Casino** (riets op der Foto)– deen an der Tëschenzäit enger Residenz huet musse Plaz maachen – soll um ieweschte Stack alles virbereet gewiescht si fir d'Groussherzogin an hir Begleeder z'empfänken. Awer si gouf **an der aler Gendarmerie**, déi just dernieft war, ënnerbruecht, wou si a Kontakt bliwwen ass mat de Ministeren an der Stad. Vun hei aus waren et nach ronn 2 km bis op déi franséisch Grenz.



Kuerz virun 8 Auer krut d'Groussherzogin, déi sech bei de Grenzposte gestallt hat, eng Notiz an d'Hand gedréckt. Warscheinlech d'Opfuerderung, datt si soll am Land bleiwe fir dann ënner de „Schutz" vum „Führer" gestallt ze ginn. Den Ziedel verschwënnt an hirer Posch, si rëselt kuerz de Kapp, beréiert de heemesche Buedem nach eng Kéier a verléisst uschléissend d'Land.

Zu **Uewerlonkech** an der Villa vum Notaire Perron goufen eng etlech Bensinsbonge fir d'Chauffeure vun de Lëtzebuerger Autoen zesummegeluecht, fir datt d'Groussherzogin op hirem Wee an den Exil net um Dréchene sëtze bleiwe géif.



©Vincent van Zeijst

Zu **Sainte-Menehould**, wou déi groussherzoglech Famill owes nees komplett war, huet d'Gemengeverwaltung en Empfang organiséiert fir si all ze begréissen. Déi 3 aner Kanner, déi vu Bréissel aus virun der Nazi-Invasioun geflücht waren, stoussen eréischt spéiderhin zur Famill.

# Quelques gestes simples pour réduire vos coûts d'électricité

*Début 2025, une nouvelle structure tarifaire de l'électricité est entrée en vigueur. L'objectif est de contribuer au développement d'un réseau électrique moderne et sûr, adapté à la digitalisation et à la transition énergétique. En évitant les usages simultanés de gros consommateurs d'électricité, on pourrait alors limiter les besoins de renforcement du réseau et, par conséquent, réduire les coûts pour tous les utilisateurs.*




## Que signifient concrètement ces changements pour les consommateurs ?

À présent, la tarification du réseau repose également sur la puissance utilisée (et sur la quantité d'énergie consommée), c'est-à-dire :

- un besoin de plus de puissance induit des frais de réseau plus élevés ;
- des gestes simples peuvent aider à éviter ces augmentations, par exemple en étalant les puissances néc essaires dans le temps ;
- l'électricité ne coûte pas plus cher le soir ! Les frais pour l'utilisation du réseau sont les mêmes pendant toute la journée. Ce qui compte est la puissance totale soutirée simultanément par chaque consommateur individuel du réseau.

## Quelles mesures pouvez-vous prendre pour maintenir vos coûts à un niveau bas ?

De façon générale, tous les utilisateurs peuvent contribuer à une utilisation plus efficace du réseau en faisant preuve de flexibilité au niveau de leur consommation. Ceci peut se faire en limitant l'utilisation simultanée et intensive de plusieurs appareils ménagers. Toutefois, l'utilisation simultanée d'appareils électroménagers standards ne conduit que rarement à un dépassement de la valeur de référence de 3 kW. Par contre, les mesures suivantes sont pertinentes :

### - Réduire la puissance de la borne de charge pour éviter les pics.

Les consommateurs disposant d'un équipement nécessitant des puissances plus élevées peuvent étaler leur utilisation dans le temps. Par exemple, en chargeant la voiture électrique à puissance réduite (5,5 kW au lieu de 11 kW).

Consultez notre comparateur sur **bornes.klima-agence.lu** pour découvrir les bornes de charge permettant d'ajuster la puissance souhaitée.

### - Autoconsommation d'énergie solaire pour réduire les pics de puissance.

L'autoconsommation de l'électricité produite par les panneaux solaires permet d'alimenter également les équipements à puissance élevée. Elle réduit sensiblement l'utilisation du réseau et en diminue ainsi les coûts. La puissance utilisée du réseau peut être considérablement réduite et les frais de réseau évités, pour autant que le prix d'injection soit inférieur au prix de l'électricité.

### - Partager l'électricité : une solution collective.

Le partage d'électricité photovoltaïque entre voisins est une solution efficace pour réduire les coûts énergétiques. En formant un groupe de partage, vous évitez généralement les frais de réseau tout en optimisant l'autoconsommation collective.

Plus d'informations sur :
**klima-agence.lu/tarification**
Conseil indépendant et gratuit
**klima-agence.lu • 8002 11 90**

klima agence

# AGENDA
## Avril - Mai

### PABEIERSAMMLUNG AN DER GEMENG PÉITENG
**TOUR 1:**
**de 05.04., 03.05. an 31.05.**
**Tour 2: den 11.04. a 16.05.**
**Tour 3: den 18.04. an 23.05.**



**Nëmme Päck ënner 10kg gi matgeholl!**
**D'Pabeierpäck oder d'Kartongskëschten dierfen och net a Plastikstuten agewéckelt sinn!**

Org.:Gemeng Péiteng

**03.04.**
### ASSEMBLÉE GÉNÉRALE
Pétange – Maison de la culture « A Rousen »

Début : 18h30 · Entrée libre

Org.: déi Lénk Section Pétange

**06.04., 04.05. an 01.06.**
### VËLOSSCHNUPPER-TOUR
Péiteng – Tennisterrainen (rue de Linger)

Depart: 10.00 Auer

Streck: ± 40km

Jonker ënner 16 Joer mussen a Begleedung si vun engem Erwuessenen

Aschreiwunge sinn obligatoresch op info@ucr.lu

Org.: Union cycliste Rodange

**14.04. - 18.04.**
### STAGE DE PÂQUES
Rodange – Alentours de la « Sportshal » de 9h00 à 17h00

Pour enfants de 7 à 13 ans (cat. U9 à U13)

Prix : 200 €

Infos et inscriptions par courriel au info@fcr91.lu

Tél. +352 691 832 060

Org. : FC Rodange 91

**12.05. an 02.06.**
### BICHERBUS
Péiteng, rue de l'Eglise vun 11.15 bis 11.45 Auer

Rodange bei der Sportshal rue Jos. Moscardo vun 13.15 bis 14.15 Auer

Gratis Bicher, Audio-Bicher an DVDe léinen.

Info iwwer Tel.: 80 30 81 (Romain Kayser) oder per E-Mail: bicherbus@bnl.etat.lu

Um Internet ënner: https://cutt.ly/ewKPTuE

Org.:Kulturministère

**03.05. – 04.05.**
### CONCERT „GRAZIANO"
Lamadelaine – Fräizäitzenter

Ufank: 18.00 Auer (samschdes)

Ufank: 14.00 Auer (sonndes)

Informatiounen a Reservatiounen iwwer Tel. 661 125 790 oder 691 812 845

Per e-mail: berscheu@pt.lu

Org.: Lëtzebuerger Schlager- a Volléksmusekfrënn asbl

**10.05.**
### GALA CONCERT
Rodange – Kulturzenter
Ufank: 19.30 Auer

Fräien Entrée · Tombola

Direktioun: Didier Wein
Presentatioun: Marcel Ries

Org.: Harmonie Municipale Rodange & Lamadelaine

**14.05.**
### GENERALVERSAMMLUNG
Péiteng – Kulturhaus „A Rousen"

Ufank: 19 Auer · Fräien Entrée

Org.: La Main Tendue Angela asbl

### WAX
2, rue d'Athus · L-4710 Pétange



**17.05.**
### LIDDEROWEND MAM LISA MARIOTTO
Um 20 Auer (Dauer: 2 x 45 Min.)

Entrée: 15€

Kommt a sangt mat!
D'Lisa Mariotto presentéiert Lidder aus Lëtzebuerg an aus aller Welt!

Reservatioune per e-mail: info@konschtmillen.lu oder um Site www.konschtmillen.lu

**Ausstellung - Exposition**
### KULTURHAUS „A ROUSEN"
place du Marché zu Péiteng

**25.04. – 27.04.**
### NICODEMO RASCHELLA
Ouverture au public :
du 25. – 27.04.
de 14h00 à 18h00
le 24.04.
de 19h00 à 22h00
Entrée libre

**22.05. – 25.05.**
### JEAN-LUC MINES
Ouverture au public :
du 23. – 25.05.
de 14h00 à 18h00
le 22.05.
de 19h00 à 22h00


COMMUNE DE PETANGE & ATTITUDE MUSIC PRESENT:
PETANGE IS METAL III
godiva (P)
EXIT FURY (L)
INFACT (L)
KILL THE DRAMA QUEEN (F)
URBAN SPINE (L)
MARCH TO THE TOMB (L)
Winner of the Attitude Booker's Choice at Rock The South '24"
5.04.25
HOME ST HUBERT
DOORS: 17:30
MORE INFO SOON
ATTITUDE
pétange
MOTIVATION COMMUNE

télévie Rodange

pétange MOTIVATION COMMUNE

FIR EE GUDDEN ZWECK GEMENG PÉITENG A.S.B.L.

# Télévie - Dag 2025

## 25-26 Abrëll

**Centre de promesses permanent**

## Rodange

**rue Jos. Moscardo**
**An a ronderëm der Sportshal**

bancomat an der Keess

**Fir Iessen a Gedrénks ass déi zwee Deeg beschtens gesuergt**

### Freides, 25.04 :

- Let your Heart beat - ab 18h00 AfterWork Party
- Dj'en Petz W., Fanta P., KinCh, Loro

fräien Entrée

### Samsdes, 26.04 :

**Animatiounen a Scheckiwwerrechungen de ganzen Dag:**

DHL Télévie - Tour



Kiwanis- Bus

Velostour



Laura Thorn

501st Luxembourg Garrison

Jakku Base

RubinoGym

Trakterfrenn

ZChicas

Avant Garde Rodange

- Expo Oldtimers - Retro Cars
- Bastelatelier + Face Painting
- Kannerspillplatz

a villes méi

Parkhaus

Gratis Parking ob der Plaz am neie Parkhaus Zougang iwwert de Broucker Wee

**Grousse Scheck um 20h40**

Like us on Facebook facebook.com/TelevieRodange

RTL de ganzen Daag um Site


pétange
MOTIVATION COMMUNE
MINETT PARK
FOND-DE-GRAS
GIN
dustry
The GIN FESTIVAL
with a splash of history
Sonndeg, den 11. Mee 2025
vun 11.00 bis 18.00 Auer
FOND-DE-GRAS
HALL PAUL WURTH
TASTING
DRINKS
FOODTRUCKS
LIVE MUSIK
BeWo
HANDCRAFTED GIN
MELLIS
FINEST HONEY PRODUCTS
Distillerie
Dear Gin
QUARANTINI
SUPA SAYA GIN
Diedenacker
MUNHOWEN
Modesto
GIN DATE
i.LAGNIDE
HIBISCUS FINE PRODUCTS
opyos
100 YEARS
Méiglechkeet fir ab 10.30 Auer vum Quai Train1900
mat historeschen Zich op Plaz ze kommen

# CHARITY DINNER 2025

## 15, 16 & 17 mai 2025

à 19 heures dans le Hall Paul Wurth au Fond-de-Gras




Informations sur **www.charity-dinner.lu**

pétange
MOTIVATION COMMUNE

Rotary Bascharage-Kordall

**17.05 an 20.09**

## PORTE OUVERTE PÉITENG - CRÈCHE KORDALL

vu 14 bis 17 Auer

Infoen op www.kordall.lu

Org.: Crèche Kordall




**24.05.**

## PORTES OUVERTES

Lamadelaine –
Maison de la mémoire collective «An der Uecht»

de 14h00 à 18h00

Entrée libre

Org. : Les Amis de l'Histoire de la commune de Pétange







www.petange.lu

CLUB KORDALL AKTIV

27-29, rue Michel Rodange · L-4660 Differdange

Umeldungen an Aschreiwungen
Iwwer Tel. +352 26 58 06 60

Iwwerweisung vun de Rechnungen
op de Konto CCPLLULL LU91 1111 1007 2640 0000

# AGENDA vum CLUB KORDALL AKTIV

## 15.04.
## Visitt Op Acker

Geféierten Tour duerch dat neit Altersheim vu Servior „Op Acker". Ofschlossiessen op der Plaz.

**Rendez-vous um 9.35 Auer um Parking „Plateau des Hauts Fourneaux" oder um 9.50 Auer virum Servior „Op Acker".**

**Den Tour ass gratis.**

**D'Iesse kascht 12,80€ a gëtt op der Plaz bezuelt.**

**Transport: 10€**

## 29.04.
## Wanderung mat de Päerd

En Nomëtteg an der Natur op engem Parcours vu 6km. D'Päerd gi gebotzt a gefiddert. Duerno gëtt et Kaffi an e Stéck Kuch.

**Rendez-vous um 13.45 Auer um Parking „Plateau des Hauts Fourneaux" oder um 14.00 Auer um Parking beim „Roudenhaff"**

**Gratis Wanderung**

**Transport: 10€**






Plus d'informations sur www.petange.lu


17.05.2025 | 10h00–15h00
Péitenger Museksschoul
Informations_
muséksschoul.lu
Portes Ouvertes
Péitenger Museks_ Schoul
pétange
MOTIVATION COMMUNE


Hi
مرحبا
Salut
Npnbet
Hay
Aluu
Oi
你好
Bonjour
Hallo
Sproochecafé
Café des langues
Hola
Rejoignez-nous dans une ambiance conviviale pour pratiquer différentes langues et rencontrer de nouvelles personnes.
19h00-20h30
Buvette du Hall polyvalent
Rue Jos Moscardo, Rodange
30.05.2025
25.07.2025
26.09.2025
28.11.2025
19.12.2025
Maison de la Culture "A Rousen"
Place du Marché, Pétange
25.04.2025
27.06.2025
29.08.2025
31.10.2025
ATTENTION LES INSCRIPTIONS SONT GRATUITES MAIS OBLIGATOIRES !
pétange
MOTIVATION COMMUNE

# BUERGBRENNEN

## AN DER PÉITENGER GEMENG




















PÉTANGE
MUSIC
FOOD
DRINKS
AFTER WORK
BEIM WAX
17:00-22:00
05.06 / OPENING - DJ SIN'DEE
12.06 / BEAUTY & THE BEATS
19.06 / AMANI BY FLEX ORLANDO & FREEZY
22.06 / VIROWEND NATIONALFEIERDAG
AB 18:00 BIS 24:00
26.06 / FAYE AND THE MOCKING BIRDS
03.07 / FEROCIOUS FEW
10.07 / CLOSING - NEA LONE
Méi Infoen op:
www.petange.lu
Eldoradio
pétange
MOTIVATION COMMUNE
an Du

# Wat war lass?

**24.01.2025**
*Après les inondations catastrophiques dans la région de Valencia en Espagne, la commune de Pétange a décidé de soutenir l'organisation « Médecins sans frontières » avec 2.500 € pour ainsi contribuer à l'aide à la population locale. Un soutien nécessaire et un don accepté volontiers vu l'envergure des dégats subis par les habitants.*







**15.02.2025**
*Am Kulturzenter zu Rodange war de 15. Februar d'Generalversammlung vun den „Amis des Lépreux", déi zënter 1963 bestinn. D'Presidentin Albertine Huberty huet all deene Merci gesot, déi am Laf vum Joer gehollef hunn. Bei dëser Geleeënheet huet d'Associatioun 3 Schecken iwwerreecht. 5000 € goungen un d'Fondatioun Raoul Follereau an d'Fondatioun St. Zithe, 1000 € goungen un d'Organisatioun Kanner- a Familljenhëllef.*

**21.02.2025**
*Mat 630 €, déi d'Kanner aus der Maison Relais Reebou vu Péiteng op hirem Wantermaart gesammelt haten, hunn si d'Associatioun „L'Ile aux clowns" ënnerstëtzt an esou dozou bäigedroen, datt d'Clownen nach weiderhi vill Kanner an/oder eeler Leit an de Spideeler, Alters- a Fleegeheimer kënne besiche fir si z'ermonteren an si zum Laachen ze bréngen.*








**25.01.2025** - *Op eng Informatiounsversammlung fir Veräiner aus der Gemeng Péiteng hat de „Service culture et communication“ invitéiert. A Presenz Memberen aus dem Schäfferot, dem Ëmweltservice an dem Kulturservice goufe fir d'éischt déi nei Mataarbechter aus dem Ëmweltbüro virgestallt. Si sollen a kënnen de Veräiner besonnesch a puncto ëmweltfrëndlech Manifestatiounen hëllefen an hunn dann och e puer Richtlinne presentéiert, déi an Zukunft bei Evenementer sollen agehale ginn. E flotten Austausch, wou et net u Froen aus de Reie vun de Veräiner gefeelt huet.*

**29.01.2025** - *Das Thema Demenz stand am Info-Abend im Kulturhaus in Petingen im Mittelpunkt, besonders aber die zwischenmenschliche Kommunikation mit Menschen, die unter einer Form von Demenz leiden. Ein komplexes Thema, das kein Tabu mehr sein darf, da es sowohl die Betroffenen als auch ihr Umfeld vor große Herausforderungen stellt. Daher ist es wichtig, sich mit Demenz auseinanderzusetzen und auf spezialisierte Quellen zurückzugreifen.*







# DAVID GOLDRAKE




**07.02.2025** - *Verzaubert goufen d'Zuschauer am ausverkaafte Sall vum Fräizäitzenter zu Lamadelaine ewéi den David Goldrake op der Bühn eng exzellent Show presentéiert huet. Sief et de Kaarten- oder den Zuelentrick, do souz esou muncheree mat oppenem Mond am Publikum. Den Highlight war awer sécherlech den Aquarium-Trick, wou den Zauberer sech ënner Waasser vun de Schlässer befreit huet fir nees opzetauchen. Impressionant!*













**04.02.2025** - *Fir d'Schüler aus der Grondschoul - Zyklen 3.2, 4.1 a 4.2 - aus der Gemeng Péiteng goung nees eng flott Saison mat interessanten Aktivitéiten an awer och iwwer d'Natur op en Enn. Tëscht Mäerz an Oktober haten si d'Chance, fir sech unzemelden. A wien op d'mannst 5 Mol derbäi war, dee krut säin Ëmweltdiplom an e schéine Kaddo iwwerreecht.*









**09.02.2025** - *Bouger et encore bouger, voilà le programme d'un dimanche après-midi plein de mouvement et de bonne humeur à la « Sportshal » de Rodange. Les ZChicas avaient invité à leur Zumbathon, un marathon de danse au rythme de la musique sud-américaine. Et les participants se sont donnés à fond pour ce événement au profit du Télévie.*









**10.02.2025 -** *Love Nature, esou housch e Concours, deen d’Gemenge Péiteng an Déifferdeng organiséiert haten. Nodeems déi 10 glécklech Gewënner gezu goufen, kruten si offiziell e Bong am Wäert vu 50 € am Laf vun enger klenger Receptioun am Kulturhaus a Rousen zu Péiteng iwwerreecht, dëst a Presenz vu Memberen aus dem Schäffen- a Gemengerot vun deenen zwou Gemenge. De Bong kënnen si elo an engem vun de Restauranten aléisen, déi bei dëser flotter Iddi matgemaach hunn. Gudden Appetit!*












**03.03.2025** -
*L'association « Fir e gudden Zweck Gemeng Péiteng » avait organisé une journée PiKo à la piscine de Rodange. Une séance de Zumba pour enfants ou adultes le matin, des baptêmes de plongée l'après-midi, ou encore des instants très « mouvementés » d'aquagym et d'aquabike tout au long de la journée, ce furent quelques heures pleines d'action au profit du Télévie et par conséquent de la recherche contre le cancer. Merci à tous !*
















**08.03.2025** - *Zesummen hunn eng ronn 250 Leit matgehollef, d'Natur an der Gemeng Péiteng am Laf vun engem Moien e bësse méi propper ze maachen. Bei dëser Fréijoersbotz goufen eng sëllechen Tuten Dreck gesammelt, dee leider nach net ëmmer an den Dreckskëschte lant. Vill Luef gouf et fir déi Fräiwëlleg vum Buergermeeschter, deen och op e gudden Teller Iertsebulli oder eppes Gegrilltes agelueden huet. De Kannergemengerot huet bei dëser Geleeënheet e puer Videoclips gewisen, déi si gedréint hu fir drop opmierksam ze maachen, wéi een d'Natur propper hält.*

















**14.03.2025** - *Zur ersten einer ganzen Reihe von Prunksitzungen hatte der KaGePe nach Lamadelaine ins Freizeitzentrum eingeladen. Von bunten Kostümen über Schunkellieder und Büttenreden, das Programm ließ die Lachmuskeln den ganzen Abend hinweg aufleben. Und wenn dann auch noch die Fastnachtshymnen des Minett ertönten, dann gab es kein Halten mehr, denn „De Péitenger Wand, dee bléist, dee bléist, dee bléist“!*












KaGePe
KARNEVAL GEMENG PEITENG








KaGePe




KaGePe
KARNEVAL GEMENG PEITENG



# Mir gratuléieren!



Am Krees vun hirer Famill, vu Frënn aus der Seniorie, Vertrieder aus der Direktioun, dem Fleegepersonal an der Amicale esouwéi vu Memberen aus dem Schäfferot huet d'Madamm **Marie Stracks-Schmid** hiren 90. Gebuertsdag gefeiert. Nieft deene ville Gléckwënsch huet si och eng gutt gefëllte Corbeille mat ville Schnekereie vun der Gemeng entgéintgeholl. An no deem obligate Ständche fir d'Jubilarin gouf nach mat engem Pättchen ugestouss.

Am Krees vun hirer Famill, vu Memberen aus der Direktioun, dem Fleegepersonal esouwéi dem Péitenger Schäfferot an der Amicale vun der Seniorie huet d'Madamm **Christiane Thill-Cobai** op 90 Joer zeréckgekuckt, déi wéi am Flug vergaange sinn. D'Jubilarin huet sech et och net huele gelooss, fir op hire groussen Dag unzestoussen an déi sëlleche Gléckwënsch entgéintzehuelen.





# A une bonne cohabitation !

Sur le territoire de la commune de Pétange, des citoyens venant de plus de 100 différents pays et avec des cultures et des mentalités parfois très distinctes vivent ensemble. Voilà ce qui mène de temps à autre à des petits désaccords qui sont le plus souvent résolus paisiblement. Cependant, il est toujours important de souligner que des petits gestes de civilité ont un grand impact sur les bonnes relations entre tous les habitants de la commune.

## Un bon repos pour tous

Pendant les mois chauds de l'année, les barbecues, les fêtes « al fresco » sont de belles occasions pour se rencontrer en famille, entre amis, entre voisins. Malgré la liesse de ces beaux moments, il ne faut point oublier que tout le monde a le droit au repos, à la tranquilité. Pensez à vos concitoyens et respectez le repos de nuit entre 19h00 et 7h00.

**Une exception existe :** le passage du service communal de l'enlèvement des déchets à partir de 6h00 dans les rues de la commune. Après tout, les collaborateurs de la commune de Pétange doivent faire leur travail – toujours au service des citoyens.

## Travailler au jardin et à la maison

Au printemps, en été ainsi qu'en automne, les travaux comme la tonte du gazon, les petites réparations à l'extérieur ou à l'intérieur d'une habitation qui nécessitent des interventions un peu plus bruyantes. Par exemple dû à l'utilisation d'une tronçonneuse, d'un marteau ou encore d'un appareil de nettoyage à haute pression. Ces travaux sont permis endéans une certaine période pendant la journée :

- DU LUNDI AU VENDREDI
  de 8h00 à 12h30 et de 13h30 à 18h00
- LE SAMEDI de 8h00 à 12h00 et de 13h30 à 18h00

Les dimanches et jours fériés, ces travaux sont interdits pendant **toute** la journée dans l'agglomération et à moins de 100m de cette dernière.

## Le feu

Entre le 16 avril et le 14 septembre, l'allumage d'un feu dans une agglomération – dans les cours et jardins – est interdit à l'exception d'un barbecue. Si un feu est allumé, il faut le surveiller constamment et se rendre compte qu'il ne pourra incommoder les voisins ou constituer un danger pour toute circulation.

## Et si on parlait de nos toutous…

Eh oui, nos chers amis à quatre pattes, qu'est-ce qu'on ferait sans eux ? Ils font partie de la famille, ce sont des membres de la famille. Mais ils ont aussi besoin de quelqu'un qui prend soin d'eux, qui les guide. Bref, une personne responsable qui s'occupe aussi des facettes moins plaisantes comme p.ex. le ramassage des crottes canines dans l'espace public.

Afin de simplifier la tâche des propriétaires des chiens lors de leurs promenades journalières, la commune de Pétange met à disposition des usagers des sacs verts dans un compartiment sur le côté des poubelles publiques. Cependant, les sacs gratuits peuvent également être retirés auprès du bureau de la facturation au rez-de-chaussée de l'hôtel de ville (bureau n° 2).

Alors la prochaine fois, veuillez vous pencher un tout petit peu pour ramasser les crottes de votre animal de compagnie. La civilité est aussi simple qu'un petit geste de votre part !



# Wéi gutt kennt Dir Är Gemeng?

*Wësst Dir, a wat fir engem Gebai dës Bläiverglasungen hänken? Test Är Kenntnisser a gewannt e flott Buch!*



**An esou geet et:** Schéckt eis Är Äntwert (de ganzen Numm an d'Adress w.e.g.) eran, a mat e bësse Chance sidd Dir ee vun eisen 3 Gewënner déi an der nächster Editioun veräffentlecht ginn! Vill Spaass beim Roden!

**Mailt eis Är Äntwert** eran op concours@petange.lu oder schéckt eis se per Post op dës Adress:

SERVICE CULTURE ET COMMUNICATIONS
**2, Place du Marché - L-4756 PÉITENG**

### Opléisung vun der leschter Editioun:

dat war dat aalt Péitenger Spidol, haut d'Seniorie St Joseph (Fleegeheem) an der Kierchestrooss zu Péiteng.

**D'Gewënner aus der leschter Editioun sinn:**

- **Marie-France Bianconi-Schomer vu Péiteng**
- **Nicole Fischer vu Lamadelaine**
- **André Kauth vu Rodange**

D'Gewënner kënnen, hiert Buch bei de SERVICE CULTURE ET COMMUNICATIONS siche kommen.

Merci fir d'Matmaachen!

# Vakanzaktioun, en neit Konzept!

2025 wäerten d'Kanner aus de Primärschoulen eng ganz nei Variatioun vun der Vakanzaktioun entdecken: d'Installatioun vun engem Aktivitéitepark um Rollenger Fussballsterrain. Dëse Spillparadäis wäert de Schüler a Schülerinnen eng ganz Rei u Spiller a Spaass ubidden, an zwar:

- Trampolinen esouwéi interaktiv Parcouren a Spiller,
- Kreativ Atelieren an Animatiounen an Zesummenaarbecht mat de Lokalveräiner.

Dës Angeboter si gratis fir Kanner, déi vun engem Erwuessenen – en Elterendeel, e Member vum Betreiungspersonal, asw. - begleet sinn. Eng Kontroll an der Entrée soll net nëmme fir d'Sécherheet suergen, mee och d'Zuel vun de Leit um Site reegelen.

Wéi ëmmer sinn och dëst Joer qualifizéiert Studenten a Studentinnen, déi de Brevet vum Animateur A hunn, an och Chef-Moniteuren derbäi.

Et sief och gesot, datt d'Maison-Relaisen hir Dire vu 6.45 bis 19 Auer ophalen, esou datt och d'Bedierfnisser vun de Famille Rechnung gedroe gëtt.

Loosst eech iwwerrasche vun dëser neier Erfahrung!



# Candidatures pour l'« Équipe Pacte Nature »

En vertu du « Pacte nature », l'Administration communale de Pétange invite les citoyens de la commune intéressés par la protection de la nature et des ressources naturelles, ou qui font partie d'une association soutenant l'environnement à présenter leur candidature pour compléter le « Naturpakt-Team ».

Jusqu'à trois futurs membres seront nommés par le conseil communal et feront partie de cette équipe sur base de volontariat.

Pour tout renseignement supplémentaire, prière de vous adresser au service de l'environnement de Pétange au numéro 50 12 51-3081.

**Le dossier de candidature comprendra une demande écrite motivée ainsi qu'un curriculum vitæ et est à adresser au collège des bourgmestre et échevins par voie postale ou par dépôt dans la mairie jusqu'au lundi 14 avril 2025 au plus tard.**

# RESTAURANT **AU GOURMET**
## Andrea & Steve



*Ouvert de lundi à dimanche*
*11h30 - 13h30 | 18h30 - 21h00*

*Fermé le lundi soir ainsi que mardi toute la journée*

*Le restaurant est accessible aux personnes à mobilité réduite qui peuvent utiliser l'ascenseur pour accéder à la grande salle. Si les conditions météo le permettent, les terrasses offrent la possibilité de manger en plein air.*

*Steve et Andrea offrent des plats à la carte et une large panoplie de plats croates comme le Pljeskovica (un grand burger) ou encore les Cevapcici (saucisses grillées). Tout au long de l'année, le restaurant offre des poissons frits. Les clients peuvent manger sur place ou venir chercher les plats à emporter commandés auparavant.*

# Goulache de veau

Recette du Chef-cuisinier Steve LEISEN

### Ingrédients

- 1 kg de veau (blanquette)
- 100 g de lardons
- 500 g de pommes de terre
- 1 oignon
- 1 gousse d'ail
- 1 poivron rouge
- 1 poivron jaune
- 2 tomates
- 1 bouquet garni
- 1 cuillère à soupe de concentré de tomates
- 1 cuillère à soupe de paprika
- Sel, poivre, coriandre

**Restaurant Au Gourmet**
11, route de Luxembourg
L-4833 Rodange
Tél. : +352 621 193 548
E-mail : augourment@pt.lu

### Préparation

- Ebouillantez les tomates, pelez-les, coupez-les. Faites revenir la viande dans un peu d'huile avec oignon, ail et lardons.
- Ajoutez le paprika, la coriandre, les tomates, le sel et le poivre.
- Mélangez et faites cuire à feu doux pendant 5 minutes.
- Entretemps, coupez les poivrons en lanières et mettez-les dans la cocotte.
- Ajoutez de l'eau à hauteur, puis le concentré de tomates, les pommes de terre ainsi que le bouquet garni.
- Faites mijoter pendant 20 minutes tout en surveillant que les pommes de terre n'est s'écrasent pas pendant la cuisson.

Bon appétit !



# Der Tele-Alarm

Viele ältere Menschen wollen **nicht** in ein Alters-Heim gehen.

Sie wollen zuhause bleiben.

Auch wenn sie schon alt sind.



Sie wollen sich sicher zuhause fühlen.

Doch manchmal fallen ältere Menschen hin.

Oder sie werden plötzlich krank.

Das kann gefährlich sein.

Wie können sie dann Hilfe bekommen?

## Hilfe von Sécher doheem



Es gibt einen Hilfs-Dienst für ältere Menschen.

Oder für Menschen, die Hilfe brauchen.

Der Name von dem Hilfs-Dienst ist: Sécher doheem.

Ein Hilfs-Dienst ist ein Service.

Sie bekommen Geld dafür, dass sie anderen Menschen helfen.

Sie geben anderen Menschen Tipps.

Sie erklären Dinge wie zum Beispiel den Notruf.

Sie können den Notruf für andere anrufen.

Dann kommt ein Arzt.

Er kümmert sich um die ältere oder kranke Person.

## Was ist der Tele-Alarm?

Es ist ein Notfall-Knopf, der wie ein Telefon geht.

Ein Mitarbeiter von Sécher doheem installiert den Notfall-Knopf.

Er geht zu den Leuten nach Hause.

Er installiert den Notfall-Knopf.

Dann probiert er, ob alles klappt.

Er zeigt der älteren Person, wie der Notfall-Knopf funktioniert.

Der Tele-Alarm hat verschiedene Teile:



- Ein Arm-Band mit einem roten Knopf.
  Das muss die ältere Person immer tragen.

- Oder eine Kette mit einem roten Knopf.
  Diese muss die ältere Person auch immer tragen.



Wenn eine Person sich **nicht** gut fühlt oder gefallen ist.
Dann drückt sie den Notfall-Knopf auf dem Arm-Band oder der Kette.
Der Notfall-Knopf ruft Sécher doheem automatisch an.

Ein Mitarbeiter von Sécher doheem antwortet.
Er spricht laut über das Telefon.
Der Mitarbeiter fragt, was passiert ist.

Er ruft den 112 an wenn:

- Die Person **nicht** antwortet.


- Die Person ihm sagt, dass sie gefallen ist.

- Oder dass es ihr **nicht** gut geht.

- Oder dass sie verletzt ist.

Der Tele-Alarm funktioniert am Tag und in der Nacht.
Auch an Feier-Tagen.
Zum Beispiel an Weihnachten.
Oder an den Wochen-Enden.







Infos zum Tele-Alarm gibt es bei Sécher doheem.

Die Telefon-Nummer ist **26 32 66**

Oder im Internet: **https://www.shd.lu/de/service/telealarme**




Les ECURIES du PARC
Clervaux
TRAIN 1900
MINETT PARK
FOND-DE-GRAS
pétange
MOTIVATION COMMUNE
MAY
10
Free ENTRY
FROM 16H00 ON
Rhythm & Taste @
Fábrica del Ritmo
Fond-de-Gras
König Kings.
José Reyes
ANDALOUZIK
&Jil
NEW FLAMENCO BAND
SON DE FLORES
CAMINO
SUPREMACIA
TERRENAL
www.petange.lu